Lëtzebuerg, den 05.06.2008

Léif Madame Familljeministesch,

Ech hunn mir den Mettwoch mat mengen Elteren d'Emissioun « Impuls » ugekuckt, fir ze héieren wat Dir iwert Familljepolitik ze soen hätt. Wat sinn ech erschreckt, wou ech héieren hunn, dass Dir all Kanner an d'Crèche oder an d'Maisons Relais wellt schecken. Ech hunn elo 10 Joer an ech war nach nie an enger Crèche oder enger Maison Relais an ech well och nett dohinner. Wirwat sot Dir, dass ech soll dohinner goen, well ech do besser betreit wier ewéi dohéem?

Ech kommen gär no der Schoul héem bei meng Famill, wou ech en oppent Ouer fannen fir meng Suergen an Problemer, an wou ech é gudd Mettegiessen an aller Rou'h kann iessen. Do kann ech wéinstens e bes'chen raschten eréit ett erem an d'Schoul géht.

Wat meng Freizait ubelangt, do kann ech nett kloen. Ech machen Musek an Sport, an meng Mama oder mein Papa brengen mech iwerall hinn. Mé ech kann och emol einfach nemmen schéin spillen.

Déi Betréiung ass fir mech gené richteg an gratis. Wat soll ech dann mat den "Chèque-Service" machen, déi Dir eis ugekennecht hutt?
Ech sinn nach kleng, mé ech wées, dass ech spéider eng Famill well hunn, mat Kanner em déi ech mech selwer kemmeren, well ech wées nach, wat eng Famill ass!

Julie, 10 Joer